N° 7055
Entrée le 24.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.10.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 662/2022
25 OCT. 2022
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 24. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no gëtt vum 15. Oktober un keng Primm fir erluechten Wëllschwäin, deenen hir Karkass manner ewéi 30 Kilo weit, méi un d'Jeeër ausbezuelt. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen.

- Des Primm war agefouert ginn am Kader vun der Lutte géint Schwéngspescht. Fir wat huet de Minister decidéiert, des Primm ofzeschafen?
    - Bedeit d'Ofschafe vun der Primm, dat hei am Land keng Gefor méi vun der afrikanescher Schwéngspescht fir de Schwéngssekteur ausgeet?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7055 vun der éierbaren Deputéierten Martine Hansen**

**Eisen Informatioune no gëtt vum 15. Oktober un keng Primm fir erluechte Wëllschwäin, deenen hir Karkass manner ewéi 30 Kilo weit, méi un d'Jeeër ausbezuelt. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen.**

- **Des Primm war agefouert ginn am Kader vun der Lutte géint Schwéngspescht. Firwat huet de Minister decidéiert, des Primm ofzeschafen?**
  **Bedeit d'Ofschafe vun der Primm, dat hei am Land keng Gefor méi vun der afrikanescher Schwéngspescht fir de Schwéngssecteur ausgeet?**

Des Primm war am Kader vum Optrieden vun der Afrikanescher Schwéngspescht an der Belsch agefouert ginn. Deemols bestong déi direkt Gefor, dass de Virus och op Lëtzebuerg géif kommen. Och wann déi direkt Gefor, de Virus iwwert d'Wëllschwäin aus der Belsch op Lëtzebuerg ze iwwerdroen, net méi existéiert, sou kann iwwert den indirekte Wee de Virus aus Länner, wou déi afrikanesch Schwéngspescht weider besteet, op Lëtzebuerg importéiert ginn.

D'Juegd gëtt als wichtegt Mëttel an der Präventioun vun de Seuchen ugesinn. Sou gesäit d'Juegdgesetz notamment vir, dass e "Plan de tir" ënnert anerem eng Mindestofschosszuel fir Wëllschwäi fir all Juegdlous festleet.
Deemno ass all Juegdpiechter duerch dat aktuellt Juegdgesetz verflicht, d'Zuel vun de Wëllschwäin op sengem Lous ze reduzéieren, an et brauch heifir kee weidere finanziellen Incentiv ze ginn.

Lëtzebuerg, den 3. November 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen